# 2026/27 : COURS À OPTION – CLASSES DE 2E/1ERE

## Titel : ARCHITEKTUR - KREATIOUN VU MAQUETTEN

Titulaire(s) du cours : SCHMITZ Nathalie
Classes : 2e et 1ere
Jours et horaires : vendredi, 12h35 – 14h20
Salle : Ed Art 3
Nombre maximal d’élèves : 12

### Finalitéiten an Ziler vun der Optioun

Versetzt iech an den Alldag vun engem jonken Architekt oder enger jonker Architektin a loosst äerer Fantasie fräie Laf – mat Formen, Raim a verschiddene Materialien.


No dräi Joer an der Optioun Architektur kritt dir zesumme mat ärem Ofschlossdiplom och e Certificat, deen är Studien an dësem Beräich confirméiert. Dat kann eng flott Hëllef sinn, wann dir spéider an déi Richtung weider studéiere wëllt.

### Programm

### Wat erwaart iech op der 2e an op der 1re?

- Kreatioun vu méi komplexe **Maquetten** aus verschiddene Materialien (virun allem Balsaholz, Carton, Carton mousse, Plexiglas, asw.)
- Aarbecht mat Formen, Volumen a Raum
- Entwécklung vun eegene kreative Projeten







## Methodik an Oflaf

D'Optioun baséiert virun allem op:

- prakteschem Schaffen: Realisatioun vun verschiddene **Maquetten**
- Experimentéieren
- kreativer Fräiheet
- perséinlechen Iddien

Dir schafft vill mat den Hänn, entwéckelt är eege Konzepter a léiert Schrëtt fir Schrëtt, wéi aus enger Iddi e konkrete Projet gëtt.

**Fir wien ass dës Optioun?**
**All** Schülerinnen a Schüler si wëllkomm.
Dir braucht just: Virwëtz, Loscht kreativ ze sinn, **Freed** um manuellen
**3 dimensionale Schaffen** a Spaass un präziser a propperer Aarbecht

Dës Optioun ass besonnesch interessant fir Schüler, déi spéider eventuell an engem vun dëse Beräicher wëlle schaffen oder studéieren: Architektur, Bauingenieurwiesen, Urbanismus, Innenarchitektur, Maquettebau, Landschaftsarchitektur, Design a kreativ Beruffer allgemein











Innenarchitektur:
Wohneinheit (Duplex) für zwei Studierende







